

schafe gi fir dat Gesetz ze ëmgoen.

Wéi sinn d'Präisser gerechent ginn? Wéi sinn Devisé gefrot ginn? Wéi ass d'Selektioun getraff ginn? Wie war den Optraggeber? Wien huet d'Selektioun getraff, wat fir eng Entreprise déi Konstruktoun do kënnst bauen? D'Fro stellt sech doriwwer eraus wéi d'Loyere berechent gi sinn. Mir kennen hei am Land Bestëmmungen, wat d'Loyerspräisser ubelaangt. Mir wëssen, dass dat heiten enorm héich Loyerspräisser sinn, déi hei bezuelt ginn. D'Fro stellt sech: Wéi ass et mat enger Ofsécherung vun der Locatioun vun der europäescher Kommissioun oder dem Parlament, ob dat Gebai hei och wierklech gelount gëtt, ob et integral gelount gëtt?

Une voix.- Et misst eng schréfflech Zouso do leien.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Et misst eng schréfflech Zouso do leien. Dat sinn also e ganze Koup Froen, déi sech bei dësem Projet stellen, wou den Exposé des motifs einfach keng Antworten drop gëtt. D'Fro stellt sech och, dass, wa mer wëssen dass mer elo ronn an ale Frange bal eng hallef Milliard d'Joer Loyer bezuelen an de Stat dann no sechs respektiv néng Joer dat Gebai kafe wëllt, de Stat dann nach quasi siwen, aacht Milliarden op den Dësch leeë muss fir et kafen ze kënnen: Sinn dat da Präisser, déi vun Ufank u vum Stat mat kontrolléiert gi sinn?

Mir mussen och wëssen, dass dat heiten eng zousätzlech verstoppte Schold ass, déi de Stat hei engagéiert, déi mer awer néirens als eng Schold opféieren. Mir bezuelen en héije Loyer, wou mer also déi zukünfteg Budgeten domat engagéieren, mä mir soen net dass dat eng Schold ass, déi de Stat am Fong hei engagéiert huet. Mir wëssen och net a wat fir enge Fongen d'Regierung déi Kreditter virgesinn huet fir eventuell no sechs respektiv néng Joer dat Gebai do kafen ze kënnen. Et ass also eng Virwëtz-tut, déi mer hei stëmmen.

M. Lucien Clement (CSV). - Déi Décisioun muss jo eréischt geholl ginn.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo, mä...

M. Lucien Clement (CSV). - Hei ass jo just d'Méiglechkeet opgefouert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Hei gi mer der Regierung d'Méiglechkeet fir dat ze maachen, duerfir musse mer och froen, wou d'Regierung dann déi Sue géif hierhuelen, wa se dat géif maachen. Et sinn op jidde Fall bis elo keng Fongen, esou wäit wéi mer bis elo d'Fonge kennen, virgesi fir déi doten Investitiounen ze maachen. Et sinn also eng ganz Rëtsch vu Froen, déi sech hei stellen a fir déi mer keng Explicatiounen an de Rapporte fannen, a mir hunn och bis elo keng gehéiert. Mir wieren dofir frou, wann d'Madame Minister eis kéint Antworten op all déi Froen do ginn. Op jidde Fall kann eis Fraktioun hir Zoustëmmung ouni zoutreffend a kloer Antworten zu dësem Projet net bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentlichen Bauten, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, ech sinn eigentlech net de Gesprächspartner vun der Finanzkommissioun, mä ech sinn hei a Verriedung vun deemselwechten. Et ass vläicht bei dëser Debatt och justifiéiert, well de Bauteminister an de Bauteministère hu jo mat all deene Froen vum Siège vun den europäesche Gemeinschaftsinstitutionen onheemlech vill ze dinn. Et ass e

komplexen Dossier. Ech hunn eigentlech bedauert, dass mer net d'Geleeënheet hate fir an der Kommissioun op verschidde Froen am Virfeld ze äntwerten, an dat mat den Expäre ronderëm.

Ech weess, dass d'Politique du siège d'Politik vum Statsminister ass. Et ass Chefsache. Et ass un éischter Plaz Chefsache, dofir wäert ech mech hidde fir mech an déi Politik eran ze beginn. Ech si just confrontéiert mat dem Besoin u Gebai, an do ass dann natierlech de Bauteminister gefuerdert. Kuerzfristeg muss ech soen, well allze vill Plangen hate mer net do leie wéi ech 1999 an dee Ministère komm sinn. Et huet sech also erginn, dass déi ganz Politique du siège zesummenhängt mat der Bereetstellung vun Infrastrukture fir déi jeeweileg europäesch Partner. Ech wëll direkt am Virfeld op dat agoen, wat hei esou ënnerschwelleng an de Raum gestallt gëtt. Déi lescht Interventionsriedner hu sech jo duerchaus bekannt zu den europäeschen Institutionen, mä awer d'Fro vum Käschtepunkt a vum Loyer a vun all deene Froen, déi ronderëm sinn, opgeworf. Ech mengen, alles huet säi Präis, an eng Politique du siège huet och fir Lëtzebuerg hire Präis a Käschtepunkt. Dat musse mer wëssen.

Wann a puncto Loyer den Dossier net méi hiergëtt wéi am Exposé des motifs steet, dann ass dat ganz bestëmmt aus emol engem Grond, deen ech perséinlech kennen, dat ass dass mer stänneg amgaange si mat deenen Institutionen ze verhandelen an dass mer jo iergendwann och hoffen, dass se de Loyer selwer bezuelen. Dat emol gesot, ass natierlech den Zäitpunkt elo fir mech net ginn, fir do méi bindend Aussoen ze maachen a fir vun deene Verhandlungen, ier se definitiv ofgeschloss sinn, ze schwätzen, well mir hunn elo e bëssen d'Fro gestallt vun allen Institutionen, woubäi et jo och nach Ennerscheeder gëtt tëschent deenen engen an deenen aneren.

Ech hu bei deene finanzielle Froen et vläicht am léifsten, wann d'Finanzkommissioun sech un de Finanzminister wennt fir déi dote Froe mat him ze klären. Wat all déi Froen ugeet, déi den Här Fayot opgeworf huet, esou wäert ech mer elo Méi gi fir aus deem ganze Puzzle, deen dat jo um Kierchbiereg duerstellt, eenegermoosse kloer Antworten drop ze ginn.

De Centre de conférences ass gestëmmt ginn am Joer 2001 a mir hunn nach ëmmer d'Perspektiv fir 2005 mat dësem Bau fäerdeg ze sinn. Dir wësst dass, wann een amgaangen ass ze bauen a soubal ee seet mir ginn net fäerdeg, jiddferen nolléisst. Mir halen de Kapp fir 2005. Mir ginn eis all Méi fir mat deem Gebai do fäerdeg ze ginn, fir dee Moment de Konferenzen, déi mer am Kader vun eiser Présidence hunn, déi néideg Lokalitéite kënnen zur Verfügung ze stellen.

(Coups de cloche de la Présidence)

D'Erneuerung vum Centre de conférences bedingt, dass mer en Deel vum Europaparlament musse transferéieren.

De grouse Projet fir d'Europaparlament war deen, dass mer d'Gebai Konrad Adenauer géifen ausbauen. Mir sinn och do mam Europaparlament zu enger Konkusioun komm, dat heescht mir hunn e konkrete Projet fir dat Gebai auszubauen, an dee Projet ass amgaangen ausgeschafft ze ginn, mä mir brauchen awer eng Zwëschesléisung. De Punkt ass nun emol deen, dass d'Europaparlament eis 28.000 m² gefrot huet. Dat ass fir dat wat bäikënn plus dat wat am Centre de conférences am Tuerm muss libéréiert ginn. Ergo brauche mer dofir déi zwee Tiern.

Wann hei Mëssverständniss sinn duerch eng Ausso, déi ech sollt gemaach hunn, wann déi an deem Ablack net richtig war, da rectificéieren ech dat. Mir hunn an dë-

sem Ablack 28.000 m² gefrot kritt. Mir hunn dofir déi Léisung mat deenen zwee Tiern virgesinn, déi zwee Tiern, wou deen een der Société Giorgetti gehéiert an deen aneren enger Sociétéit, déi Vazon heescht. De Stat ass mat deene Sociétéiten a Verhandlung fir eng Mise à disposition ze kréien. Mir hu gesinn, déi Tiern si relativ séier gebaut ginn, esou séier hätt de Stat ganz sécher net gebaut, a mir hunn nun eemol eng Méiglechkeet fir um Site vum Kierchbiereg a vun der Place de l'Europe dem Europaparlament dat zur Verfügung ze stellen, wou et och zefridden dermat ass, a wou mer kënnen - dat wat den Här Fayot richtegerweis Bâtiment tampon genannt huet - domat eng Zäit iwwerbrécken.

Wat d'Cour de Justice ugeet, do wäert an dësen Deeg de Chantier ugoen, a mer wäerten och do eng Iwwergangszäit musse virgesinn, well mer mat deenen Tiern eréischt kënnen ufänken, wann de Laboratoire vun der Kommissioun transferéiert ass. Dee gëtt transferéiert an e Gebai wat sech op der Kockelscheier befënnt, a mer kënnen dann definitiv mat dem Bau vun deenen Tiern, déi fir d'Cour de Justice virgesi sinn, ufänken. Dofir elo déi Zwëschesléisung fir proviso-resch déi Gebai um Boulevard Konrad Adenauer derbäi ze setzen, fir déi néideg Raimlechkeete fir d'Besoinen vun de Jungen ze hunn.

Dat alles muss an engem kuerzen Zäitraum geschéien, an do ass esouwuel de Fonds du Kirchberg wéi och de Bauteministère amgaang äifereg drun ze schaffe fir d'Délaie kënnen anzehalen.

Wat elo de Centre de conférences ugeet, do hu mer natierlech eng Iwwergangsléisung misse siche fir déi Conseilen, déi am Hierscht vun dësem Joer hei zu Lëtzebuerg solle stattfannen. Déi Iwwergangsléisung, déi soll am jëtzege Foiresgebai an Zesummenaarbecht mat der Foire fir déi Sitzung stattfannen, fir dass mer och do net a Gefor kommen, dass mer eng Kéier ee Conseil net kënnen hébergéieren.

Wat elo de Bâtiment Robert Schuman ugeet, huet den Här Fayot gemengt, ob déi Tiern eventuell domat ze dinn hätten. Dat ass net de Fall. De Bâtiment Schuman, dee soll besat bleiwe vum Europaparlament bis den Ausbau vum BAK fäerdeg ass. Mir rechnen, dass dat ongeféier am Joer 2007 ass. Mir lancéieren awer elo schonn de Projet de concours d'architectes fir de Bâtiment Robert Schuman an eng nei Nationalbibliothéik ëmzawandelen, fir dass mer an deem Ablack, wou d'Parlament dëst Gebai fräi mécht, dann och kënnen direkt mat den Aarbechten ufänken.

Dat gesot, ass bei där doter Analys keng Referenz op d'Kommissioun gemaach, well och d'Kommissioun huet Projeten hei zu Lëtzebuerg. Do ass dann nach ëmmer de Bâtiment Jean Monnet, deen och op deem dote Site zur Verfügung ass. Et ass also an enger Hisiicht eng komplizéiert Operatioun, déi sech awer dann l'ordre mécht, well jiddferee sech d'Méi gëtt de gréisseren Intérêt vun der Saach ze gesinn, an de gréissten Intérêt vun der Saach, dat ass leschten Enns deen, dass mer, wéi jo hei all d'Deputéierte betount hunn, eng Politique du siège maachen, déi eng authentesch Entwécklungspolitik vu Lëtzebuerg ass, well mer wëssen, mer kréien domat Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg, mer kréien domat Leit heihinner déi consommeieren, a mir hunn dofir och Interessen ze investéieren, fir déi Leit hei ze halen a fir se zefridden ze stellen.

Wann elo gemengt gëtt, déi Operatioun déi wär vum Finanztechnischen hier net ganz an der Rei, do mengen ech, mir froen hei d'Autorisatioun vun der Chamber fir ges-

wëssermoossen eng Location-vente ze maachen. Mir wëssen, dass loune fir de Stat ëmmer eng Operatioun ass déi deier ass, dass de Stat wéineg Propriétaire ass vu Gebai, dass ganz oft Ministère a gelounte Gebai sëtzen an dass am Fong d'Politik, déi de Minister Frieden an där doter Bezéiung gemaach huet, déi éischter war ze kafe wéi ze lounen. Dofir ass och hei déi Perspektiv an d'A gafaasst. Wa mer elo een deiere Loyer musse dofir bezuelen, solle mer eis dann net och d'Optioun oploosse fir dat ze kafen.

Et ass awer allerdings au vu vun der Evolutioun vun de Bürosraim, déi zur Verfügung sinn, déi net besat sinn, eng richtig Iwwerleeung fir virslichteg an där doter Bezéiung ze sinn a fir net onbedingt direkt dann d'Optioun vum Kaf ze huelen. Dat ass jo och net esou hei am Projet de loi virgesinn, well et ass jo expressis verbis vum Rapporteur, deem ech och nach wëll hei merci soe fir seng gutt Aarbecht, gesot ginn, dass och d'Regierung nach eng Kéier misst déi Décisioun fir ze kafe confirméieren, esou dass hei d'Chamber eng Autorisatioun gëtt fir ze lounen, woubäi natierlech de Montant dee vun engem Contrat de location ouni Gesetz jo iwwersteigt, an dat och de Sënn vun dësem Projet de loi war.

Här President, ech sinn awer gär bereet, a wann ech dat sollt net gemaach hu wat ech versprach hat beim Vote vun dem Centre de conférences vun der Cour de Justice, fir an d'Kommissioun ze komme mat de Pläng a mat den Expären derbäi, fir nach eng Kéier der Chamber Opschloss ze ginn iwwert déi dote komplizéiert Operatiounen, déi um Kirchbiereg stattfannen, wat och méi wéi een Interlocuteur fuerdert, an dofir ass jo och dee Comité de coordination regelméisseg zesummen, wou den Auseministère mat dran ass, de Finanzministère, de Bauteministère an och de Fong vum Kirchbiereg.

Ech géif net gären héieren, dass mer eng Politik vun Onkohärenz oder vun dem Onklare géife maachen. Et ass eng komplizéiert Operatioun, Här Fayot, Dir wësst dat, an ech denken dass och hei d'Regierung keen Intérêt drun huet fir mat hirem Wëssen hannert dem Biereg ze halen. All déi Froen, déi Dir vläicht elo nach net vu mir ze friddenstellend beäntwert kritt hutt, kann ech lech ganz gären an enger Kommissiounssitzung vun der Chamber beäntweren. Ech wär natierlech frou, wann d'Chamber dëse Projet géif stëmmen, well et ass fir eis wichteg ze wëssen, dass mer fir d'Parlament déi Offer kënnen maachen, well déi Leit déi gi jo ongedëlleg. Déi Leit, déi héiere vu ville Projeten. Et dauert laang ier de Chantier ugeet. Heiansdo si se och net ëmmer gutt informéiert iwwert dat wat bei eis leeft, an da kënn op eemol Opreegung sur la place publique op, déi eigentlech net néideg ass, wann een den Dossier vu sengem Hannergrond hier kennt a wann ee weess, wéi nun emol dat eent an dat anert agraift. De Vote vun der Chamber haut huet an där Bezéiung och eng Signalwierkung an ech soe merci fir e positive Vote.

M. le Président. - Den Här Fayot freet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, kann ech vläicht just an enger Fro nohaken?

(Assentiment)

Hu mer en Accord écrit, eng Konventioun mam Europaparlament, dass se déi Tiern do huelen, a wësse mer schonn ongeféier wat mer als Loyer erëmkreien, well mir strecke jo de Loyer vir an d'Europaparlament bezillt ons de Loyer erëm?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här Fayot, de Bauteministère schléisst keng Accorde mam Europaparlament an deem

Sënn of. Ech kann lech op déi do Fro keng Antwort ginn an lech net jo an net nee soen. Ech géif dat léiwer nopréien.

M. le Président. - D'Diskusioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Articlele vum Projet de loi 5017 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Articlele 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dee virleiede Gesetzesprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5017 ass ugeholl mat 38 Jo- an 18 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung, d'Diskussioun iwwert d'Chamberskonte vum Joer 2001. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Stendebach a Greisen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Camille Gira.

9. 5087 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2001

Rapport de la Commission des Comptes

M. Camille Gira (DÉI GRENG), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konte vun 2001 vun der Chamber si selbstverständlech och déi éischt, déi an Euro sinn, eng Ursaach weider fir mech fir lech net mat Dosende vun Zuele bis zwou Stellen hannert dem Komma an Cents hei ze belästegen. Dofir am Schnellduerchgang dat wat mer 2001 hei erakriegt an ausging hunn. Mir leien och gutt am Timing wat d'Presentatioun vun dëse Konten ubelaangt. Dofir wëllt ech de Leit aus dem Kontabilitéitsservice häerzlech merci soen, mä net nëmmen dofir, och fir déi gutt Aarbecht

déi se iwwert d'ganzt Joer leeschten. Ëmmerhin ass et e relativ substanzuelle Budget, dee se hei mussen zu relativ wéinege Leit géréieren. Dofir merci villmools, an och merci fir d'Redaktioun vun dem Rapport.

Déi Konte ginn normalerweis an zwee Dokumenter presentéiert, eng Kéier de Bilan an eng Kéier de Kont.

Beim Bilan halen ech mech relativ kuerz fir lech just ze soen, dass mer op den 31. Dezember 2001 esouwuel am Aktiv wéi am Passiv e Montant vu 4.518.736,51 Euro stoen hunn, an dass mer op den 31. Dezember 2001 nach Leasingskontrakter mat engem Montant vu 487.798,36 Euro lafen haten. Wat elo de Kont vun de Revenuen an de Chargen ubelaangt, vläicht ganz kuerz, an dann hutt Der d'Hauptdonnéeën eigentlech vun de Konten. D'Gréissenuerdnung bei de Revenuen, d'Crédits budgétaires 21.646.442 Euro, wéiniger e Kredit dee schonn am Budget 2000 ageschriwwen war vu 402.187,00 Euro.

Mir hu relativ vill Zënse kritt, well mer déi Budgetskredditer relativ fréi kréien, och nach Reschter vum leschte Joer an deene Jore virdrun haten. Dat sinn ëmmerhin 515.074,71 Euro, e puer kleng Recetté vun 2.762,77 a Produits exceptionnels vun 13.427,46. Dat mécht een Total vun de Revenuen: 21.775.519,94 Euro.

Bei de Chargen, Charges se rapportant à l'exercice: 20.757.751,49; Charges exceptionnelles: 78.703,21; Total des Charges: 20.836.454,70, wat dann zu där glécklecher Situatioun féiert, dass mer um Enn vum Joer en Excédent de revenus sur les charges hu vun 939.065,24 Euro.

Wat ëmmer ganz spannend ass, dat sinn natierlech déi jeeweileg Tableaux comparatifs iwwert d'Exercicer op där enger Säit, op där anerer Säit awer och den Tableau deen de Budget vergläicht mat deem wat mer schlussendlech ausginn hunn, an ech mengescho kënnen am Virfeld ze soen, dass mer relativ propper do sti wat déi zwee Tableaux ubelaangt, dass mer net iwwerméisseg vill Geld hei ewech ginn, an, ech kommen och nach drop, esouguer manner wéi mer eigentlech hätten daerfen a kënnen ewech ginn.

Wat d'Evolution vun den Dépenses ubelaangt, kann ee feststellen, dass den Exercice 2001 par rapport zu deem vun 2000 ëm 4,17% an d'Luucht geet, wat, mengen ech, net aussergewöhnlech vill ass, wann een d'Inflatioun mat arechent a gewëssen Décisiounen, déi aner Leit geholl hu fir eis a wou mer eis mussen laut der legaler Situatioun, wou mer dra sinn, upassen.

Wat awer ganz spannend ass, dat ass eigentlech den Tableau, wann ee vergläicht wat de Budget war an d'Fräe vun 2001. Do hu mer nämlech 5,24% manner ausgi wéi dat wat am Budget steet. Mir fannen et als Kommissioun ganz positiv, dass et fäerdegbruecht gëtt an deem Betrib hei dës Sue gutt ze géréieren. Mir hunn och doriwwer diskutéiert, hunn och gesot kritt, dass Efforten do gemaach gi sinn, besonnesch an deenen extrem voluminöse Budgeten déi mer hei hu wat d'Informatik insgesamt ubelaangt. Déi kënnt Der och an de Konten zréckfannen, dass do endlech emol méi systematesch vum Bureau aus d'Gesetz vun der Konkurrenz spille gelooss gëtt, dass mer eis net nëmme méi mat engem Partner aloosse wat d'Kontrakter ubelaangt an där ganzer Informatik, an dat gesäit ee spierbar an de Konten. Et gesäit een et och spierbar an de Budgeten. Mir kënnen de Bureau eigentlech nëmmen als Kontekommissioun encouragéieren op deem do Wee weider ze fueren, dass ee wierklech systematesch, dat wat mer och ëmmer vun der Regierung erwaarden, dat wat mer wëssen aus de Gemengen, dass et muss applizéiert ginn,

dass mer dat awer och wierklech hei an der Chamber applizéieren, a mir plädéieren dofir fir op de Wee ze goen, dass all déi Suen, déi mer kënnen an deem Beräich aspuewen, dass wa se sollten anzwousch agesat ginn, dass se da sollen a mënschlech Software agesat ginn, dass mer wierklech nach solle Leit astellen an deem Betrib hei. Ech mengen, et sinn Diskussiounen iwwert de ganzen europäesche Volet, wou mer alleguere wëssen dass mer meeschtens den Evolutiounen hannendru lafen. Also, wann hei kënnen Suen dégagéiert ginn am technesche Beräich, da plädéiert d'Kontekommissioun op jidde Fall dofir, fir an d'Richtung ze goen fir méi Leit anzustellen.

Ech erspuewen lech dann déi Dossenden, déi honnerte vun Zuelen. Ech géing ganz kuerz just fir déi eenzel Beräicher d'Totaler soen, a vläicht deen een oder aneren interessanten Aspekt.

D'Sektioun A, dat sinn d'Deputéierten. Dat sinn am Ganzen Dépense vun 8.130.986,51. Do gëtt et net vill dozou ze soen, wéi dass fir eis och, glécklecherweis muss ee soen, den Accord salarial spillt. Dat hei ass nach ee vun engem Prozent. An deene Joren duerno wäert natierlech och dee vun 1,6% spillen. Et ass awer och esou, dass de Congé politique fir déi Onofhängeg e bëssen anescht formuléiert ginn ass, dass nämlech ab Januar 2000 net nëmmen dat Duebelt vum Mindestloun bezuelt gëtt, mä dat Véierfacht vum Mindestloun, wat sech natierlech och an den Dépenses hei erëmispigelt.

D'Sektioun B, Institutions parlementaires internationales, do si mer relativ bescheiden, hunn ech d'Gefill, wat eis Presenz um internationale Parquet ubelaangt, well mat 483.749,23 Euro fir déi sëllegen Institutiounen, mengen ech, mécht eigentlech kee schrecklech grouss Spréng.

D'Sektioun C, Groupes politiques, näischt Aussergewöhnlech fir 2001 ze vermelden. Dat sinn 1.510.384,37. Ausser dem Accord salarial, deen natierlech och fir d'Mataarbechter matspillt, ass och do net schrecklech vill ze vermelden.

D'Sektioun D, Personnel: 3.448.150,93. Do spillt selbstverständlech och den Accord salarial. Ech wëll nach eng Kéier widerhuelen, dass mer am Ganzen e Kader hu vu 47 Fonctionnaires, de Grefier, de Greffier adjoint, 10 Employéen an der Carrière supérieure, 25 an der Carrière moyenne an 10 an der Carrière inférieure. Och dofir, fir ëmmer erëm ze betounen, dass mir fannen dass dat eigentlech relativ wéineg Personal ass, an dass et eigentlech machbar ass mat deem wéinege Personal iwwert d'ganzt Joer relativ vill an och ganz gutt Aarbecht ze maachen. Hei ass awer feststellen, dass mer während dem Joer 2001 fënnel nei Leit ageballt hunn.

D'Sektioun E, Administration: 5.392.298,19. Do kënnt Der am Detail noliess wéi lues a lues eng Emcharge vun dem Pabeier op d'Elektronik geschitt. Déi Budgetposten, wou gedréckt a wou verschéckt ginn ass, gi lues a lues erof, fir bal op Null ze goen. Op där anerer Säit geet natierlech de Courier électronique wesentlech an d'Luucht, an et ass eben och, wann een hei de Budget kuckt an effektiv deelweis d'Dépenses, wou Dank dem Asaz vum Greffe an dem spille vun der Konkurrenz et méiglech ass, substanzuell Zommen anzesetze vis-à-vis vun anere Joren. Wéi gesot, mir kënnen dat nëmme begrëssen an ënnerstëtzen, fir konsequent an déi Richtung weider ze goen.

Schlussendlech d'Sektioun F, Compte rendu: 1.870.885,47. Och do fänkt déi Émschichtung u vum Compte rendu, a mir krute confirméiert dass dat machbar ass, dass mer eng Kéier zum Präis vum ale Compte rendu kënnen déi nei Form vu Compte rendu plus de Fernseh

bezuelen. Mir apprécieieren dat an hoffen, dass déi Verspriechechen och kënnen gehale ginn.

Da komme mer schonn zu de Konklusiounen. Nodeem mer dës Konten analyséiert hunn ass d'Kommissioun unanime zur Konklusioun komm, dass mer se kënnen stëmme well se an der Rei sinn.

Mir hunn och de Rapport vum Réviseur d'entreprise, hei ass nach vläicht e klengen Tippfeeler am Rapport, deen ass sécherlech net de 4. Juli 2001 erstallt ginn, mä de 4. Juli 2002. Ech mengen net, dass déi Leit och hellsehrech Fäegkeeten haten, mä se hunn de 4. Juli 2002 confirméiert, dass während dem Exercice 2001 alles korrekt ofgelaf ass. Sou dass ech lech, Här President, an all de Kollege recommandéieren dës Konten ze stëmmen.

Mä schlussendlech awer och déi Resolutioun, déi mer ëmmer zum Schluss folgendermoosse formuléieren: „La Chambre des Députés, vu le rapport de sa commission des comptes, approuve les comptes de l'exercice 2001 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la commission des comptes à la Cour des comptes pour y être enregistré.“

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Nico Loes.

Discussion générale

M. Nico Loes (CSV).- Jo, Här President, ech géif am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur merci soe fir déi gewëssenhaft Aarbecht déi e beim Rapport gemaach huet. Ech géif och am Numm vu menger Fraktioun dem Greffe an de Servicer hei vun der Chamber merci soe fir déi gewëssenhaft Aarbecht bei der Opstellung vun de Konten, déi jo, sou wéi de Rapporteur et gesot huet, vun der Fiduciaire kontrolléiert goufen an och bei eis an der Kommissioun duerchforscht gi sinn.

Hien huet op verschidde Punkten higewisen, notament wat d'Informatik ubelaangt, datt do d'Ausgaben elo méi strukturéiert sinn, datt do och Demandes de prix gemaach ginn, an ech géif och hoffen datt mer an Zukunft, wou mer eis den Akzent jo ëmmer méi op d'Informatik leeën, och do kucken datt d'Präisser eis net fortlafen. An an deem Sënn, wéi gesot, géif ech de Leit nach eng Kéier merci soen an dann den Accord gi vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, d'Konte vun der Chamber sinn eng Geleeënheet fir an öffentlecher Sitzung iwwert den interne Fonctionnement vun der Chamber ze schwätzen. Ech wëll uganks am Numm vu menger Fraktioun soen, datt d'Manéier, wéi eis d'Konten hei an der Chamber gefouert ginn, rigouréis a kloer ass, an et muss een déi Fonctionnaires, déi dofir responsabel sinn, félicitéieren.

Mir begrëssen och den ausgezechnete Bericht vum Här Gira, dee sech lues a lues zu engem Spezialist vun de Konte vun der Chamber entwéckelt, a mir wäerte selbstverständlech och déi Resolutioun matstëmmen.

Ech mengen et ass besonnesch wichteg...

(Interruptions diverses)

Dat soll keng Floskel sinn, Här President, ech mengen et ass beson-

nesch wichteg, dass alles wat mat Suen a mat Politik ze dinn huet, dass dat absolut kloer an transparent an novollzéibar ass, well d'Crédibilitéit an de Renom vun der Chamber hänken dovunner of.

Erlaabt mer wéi all Jores e puer Einzelheeten ervirzesträichen, déi mer ganz besonnesch um Häerz leien. Déi éischt, dat ass dass mir am Joer 2001 fir d'éischt an onsem Budget e Kredit hate fir den Deputéierten ze erlaben, niewent den normalen internationalen Institutiounen, och un internationale Kongresser, Séminaires a Réuniounen deel ze huelen, déi vun hire respektive politesche Familljen organiséiert ginn, oder och a Réuniounen déi elo net direkt mat deenen internationalen Institutiounen ze dinn hunn, an deene mer Member sinn.

Ech mengen dëst ass eng Méiglechkeet fir d'Deputéierten international present ze sinn, sief et a Réuniounen mam Europaparlament, sief et an der Participatioun u Séminaires oder u Symposien. An ech mengen déi Presenz vun onsen nationalen Deputéierten ass an enger Zäit, wou déi national Dimensioun an déi internationale Dimensioun ëmmer méi zesumme kommen, eng wichteg Saach.

Zweet Remarque. Am Joer 2001, ganz genee de 4. Dezember 2001, huet d'Chambertélevisioun ugefaangen an an de Konte vun 2001 sinn dann och déi Fräe fir déi Operatioun abegraff. An ech mengen et ass un de Bierger ze soen, ob dat eng gutt Operatioun ass oder net. Op jidde Fall, mengen ech, kënnt d'Chamber net dolaanscht, fir déi Installatiounen ze valoriséieren a sech eng Kommunikatiounsstrategie ze ginn. Déi huet se bis elo nach net, an ech mengen déi Kommunikatiounsstrategie muss méi wäit goe wéi just nëmme Pléniëren auszestrahlen.

Ech mengescho, dass d'Chambertélevisioun dozou bäidroen kann, niewent den öffentleche Sitzungen, den Interesse fir d'Politik ënnert der Bevölkerung ze vergrësseren. Zum Beispill duerch d'Retransmission vun Hearingen, virausgesat natierlech dass déi Hearinge gutt organiséiert sinn an natierlech och informativ sinn. An ech ginn et net op fir nach an dëser Legislatur dofir ze plädéieren, an ech hoffen och eng Kéier d'Majoritéit, d'CSV an d'DP, vun der Nétzlechkeet dovunner ze iwwerzeegen.

Drëtt Remarque. Wat onse Site Internet ueegt, Här President, ass et fir mech e ganz wichtegt Instrument vu politescher Diskussioun an och vu politescher Informatioun. Dëse Site huet sech mat der Zäit ganz vill verbessert, munches ass nach ze verbesseren, ech denke ganz besonnesch un déi Partie déi fir d'Utilisateuren dobaussen op ass. Dee Site ass eng riseg Datebank, mä déi Datebank notzt natierlech näischt wann ee sech net dran erëm fënn.

Eng Recherche avancée zum Beispill ënnert dem Portail documentaire ass nach ëmmer relativ komplizéiert, an eng vun den Ursachen dovunner - ech wollt dat och soen, an do gesitt der wéi alles dat zesummenhängt - ass zum Beispill dat éiwegt Wiessle vun de Kommissiounen an onser Chamber vu Legislatur zu Legislatur. Dir hutt, wann Dir dee Portail documentaire kuckt, eng riseg Lëscht vu Kommissiounen, well eis Kommissiounen all Kéiers mat all neier Koalitioun änneren. An ech mengen dass ee sech doriwwer och Gedanke muss maachen, mir hunn dat jo an der Reglementskommission gemaach, fir sech emol eng Kéier méi definitiv Kommissionsstrukturen ze ginn. An ech ka mer och virstellen dass een, wat den Internetsite ueegt, eng interaktiv Partie géif dropsetzen, déi de Kontakt mam Bierger encouragéiere géif.

Véiert Remarque, iwwert d'Personal. Déi parlamentaresch Institutioun huet sech an de leschten zéng, 15, 20 Joer vill geännert. Déi

parlamentaresch Aktivitéit vun den Deputéierten ass méi professionell ginn. Et steet dem Deputéierte méi Personal zur Verfügung, souwuel an de Fraktiounen wéi an der Chamber selwer.

D'Personal an de Fraktiounen huet eng méi politesch Funktioun, d'Personal an der Chamber huet eng méi technesch, eng méi administrativ Funktioun, mä déi zwou Zorte Personal si keng Konkurrenten, si schaffen an darselwechter Institutioun an hiert Zil muss sinn déi Institutioun Chamber staark an incontournabel ze maachen.

An dofir si mir an eiser Fraktioun der Meinung, dass een Deputéierten zum Beispill och emol e Fraktionsmataarbechter an eng Kommissionsnissung mathuele kann. A souwiesou si mer der Meinung, dass d'Kommissionsnissungen, déi meescht op jidde Fall, sollen öffentlech sinn; an dat ass och erëm eng Kéier besonnesch am Fall vun den Hearingen.

Fënneft Remarque. D'Efficacitéit vun der Kommissionsaarbecht, eigentlech d'Häerzstéck vun der parlamentarescher Aarbecht, steet a fält mat de Collaborateuren déi den Deputéierten ëmginn. Ech bleiwe bei der Meinung, dass mer an der Chamber ze vill Kommissiounen hunn an net genuch Cadres supérieurs déi d'Kommissionsaarbecht encadréieren.

2001 hate mer der zéng, et sinn der an der Zwëschenzäit e puer méi dobai komm. Mat 19 Kommissiounen, dat si bal zwou Kommissiounen op de Kapp fir e Cadre supérieur, a mir mengescho missten do zwou Richtungen aschloen, manner Kommissiounen, méi permanent Kommissiounen déi iwwert d'Legislatur eraus bleiwen, well eng Institutioun, déi sech als déi éischt vum Land versteet, muss sech staark intern Strukturen ginn, an dat sinn déi permanent Kommissiounen déi iwwert déi parteipolitesch Ännerunge vu Koalitioun zu Koalitioun ewech bestoe bleiwen a sech behapten.

An doniewent bleift och déi europäesch Erausforderung, déi ëmmer méi grouss gëtt, an enger Zäit wou ëmmer méi vun der Roll vun den Nationalparlamenten am europäeschen Décisionsprozess geschwat gëtt. A wann d'Chamber net nëmme wëll eng „Chambre d'enregistrement“ si fir europäesch Gesetzer, muss se sech selwer dokumentéieren, muss se selwer den Tri maache vun deem wat politesch wichteg ass, a sech hir eege Meinung zu de politeschen Décisiounen an Europa bilden. An dofir brauche mer menger Ansicht no och déi géeege Mataarbechter, souwuel an der Chamber wéi och an de Fraktiounen. Här President, mat deene puer Remarquë wollt ech selbstverständlech nach den Accord vun onser Fraktioun zu de Konte vun dem Joer 2001 bréngen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Théo Stendebach agedroen. Den Här Stendebach huet d'Wuert.

M. Théo Stendebach (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, am Numm vun der Demokratescher Partei erlaabt mer heimat dem honorablen Här Camille Gira ze félicitéieren a merci ze soe fir säin excellente mëndlechen a schrëftleche Bericht bezunn op d'Konte vun 2001. Déiselwecht Wieder an deem Sënn si geréicht un d'Madame Ginette Biasini an hir Mataarbechter, deenen hir prezis Aarbecht vun der Fiduciaire affirméiert gouf.

D'Mission vun der Kontekommission gëtt definéiert am Artikel 155 vum Chamberreglement, a laut Artikel 155, Ofsaz 1, ass d'Vérificatioun, wat d'Kontabilitéit vun de Fonge vun der Chamber ubelaangt, fir all Sessioun enger Spezialkommissioun, genannt Com-

mission des Comptes, uvertraut. Dës Kommissioun ass ënnerstëtzt vun engem Revisor, dee jährlech vum Büro bestëmmt gëtt. Opgrond vun dëser Kommissioun hirem Rapport erkennt d'Chamber laut Artikel 155, Ofsaz 4, d'Richtegkeet vum Kont un. Dësen Entscheed gëtt der Cour des Comptes zougestallt, fir enregistréiert ze ginn. An deem Sënn hunn d'Chamberskonnte vun 2001 der Demokratescher Partei hiren Accord kritt.

M. le Président.- Den Här Fernand Greisen ass als leschte Riedner agedroen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner hunn dat néidegst gesot, duerfir brauch ech net méi an d'Detailer anzegoen.

An der Kommissioun sinn d'Zuelen am Detail virgestallt, erkläert a kontrolléiert ginn. Mir hunn op all Fro eng Äntwert kritt, an dofir hunn ech och de Rapport matgestëmmt. Am Numm vum ADR merci un d'Mataarbechter vun den zoustännegen Chamberservicer fir hir gutt Aarbecht. Ech brénge selbstverständlech och den Accord vu menger Fraktioun.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Esou wéi den Artikel 155 vum Chamberreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet, an déi folgende Wortlaut huet. De Berichterstatter Camille Gira huet se scho virgedroen, mä wéi et Virschreift ass droen ech se nach eng Kéier vir, dass jiddferee genau weess wat do dra steet: „La Chambre des Députés, vu le rapport de la Commission des Comptes, approuve les

comptes de l'exercice 2001 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.“

Résolution

Ass d'Chamber domat averstanen, doriwwer par main levée ofzestëmmen?

(Assentiment)

Vote par main levée

Da géing ech lech bieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen, wann Der dofir sidd.

Wien ass dogéint?

Ech stelle fest dass dee Rapport eestëmmeg gestëmmt ginn ass. Esou wéi den Artikel 155 vum Chamberreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des Comptes weidergerrecht.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.50 heures)

Ordre du jour

Débat de consultation sur l'évolution de la crise internationale concernant l'Irak

(Discussion générale - Motions - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, M. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Débat de consultation sur l'évolution de la crise internationale concernant l'Irak

Fir haut de Muere steet op eisem Ordre du jour d'Konsultatiounsdebatt iwwert d'Kris am Irak. D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluecht.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Härre Weiler, Asselborn, Rippinger, Henckes, Bausch an Urbany.

D'Wuert huet d'Regierung. Här Statsminister Juncker, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, während dat franséisch Parlament haut fir d'éischt iwwert den Irak debattéiert, presentéiert d'Lëtzebuerger Regierung sech fir d'drëtt a manner wéi engem Mount am Plenum vun der Chamber, fir iwwert déi wichtegst Fro ze beroden, déi de Moment d'international Aktualitéit ausmécht an d'international Aktualitéit belaauscht.

Zënter eiser leschter Aussprooch vum 11. Februar an där vun haut hunn zwee wichteg Evénementer stattfonnt. Déi impressionant Fridensdemonstratiounen vum 15. Februar, déi an Europa an am Rescht vun der Welt, mä och a grad hei zu Lëtzebuerg stattfonnt hunn, hu kloer gemaach, dass Leit aus alle Schichten a vun all Alter sech net mat der Fatalitéit vum Krich offanne wëllen. Dofir ware se an de Stroossen, an dat war och gutt esou.

Grad ewéi si verwerft d'Regierung d'Optioun vum Krich als normal an automatesch Fortféierung vun der Politik mat anere Mëttelen. Der Tendenz, de Krich lues a lues an engem schläichende Prozess als gläichberechtegt Alternativ zu Politik an Diplomatie ze begräifen, wëlle mer entgéintrieden. Mir wëlle keng Welt am Krichsdauerzou-

stand. Zwee Deeg no der Marche fir Fridde sinn déi 15 Stats- a Regierungschefe vun der Europäescher Unioun an der belscher Hauptstadt zesumme komm, fir iwwert den Irak ze beroden. Mir hunn zu deenen éischte gehéiert, déi déi Sitzung gefrot hunn, well mer der Meinung waren dass déi europäesch Haltung an der Irakfro komplett onlieserlech gi war. Hir Lecture fällt nom Sommet vu Bréissel méi lücht, trotz dem spuenesch-englische Cosponsoring vun där zweeter amerikanescher Irakresolutioun.

Den Europäesche Rot vu Bréissel huet een däitleche Message u Bagdad geschéckt. De Saddam Hussein muss direkt ganz ofrëschen an direkt a voll ëmfänglech mat den UN-Inspektoren zesumme schaffen. Wann en déi lescht Chance net géif notzen, esou sot den Europäesche Rot, misst en eleng d'Konsequenze fir seng onasichtlech Haltung droen.

D'Ofrëschtung vum Irak, esou gouf gesot, misst mat friddleche Mëttelen geschéien. 15 Regierungen hunn dat gesot, keng huet de Géigen-deel gesot. 15 Regierungen hu gesot, de Krich wier ze verhënnern. Keng Regierung huet gesot, de Krich misst mar de Mueren ugoen. Déi 15 Stats- a Regierungschefen hunn onzweedäiteg gesot, d'UNO misst den Dréi- an Aangelpunkt vun der internationaler Uerdnung bleiwen, an de Weltsécherheetsrot, deen iwwert dat internationalaalt Gewaltmonopol verfügt, misst all Décisiounen, déi sech aus der Weigerung vum Saddam Hussein erginn, fir zesummen ze schaffen, huelen. De Weltsécherheetsrot, hien eleng. Kee Regierungschef huet probéiert dat ze nuancéieren.

Inspektoren vun der UNO, esou huet et den Europäesche Rot festgeluecht, missten Zäit a Mëttelen kréie fir hir Missioun, déi net onendlech laang kënn daueren - dat hunn och déi 15 gesot -, erfëllen ze kënnen. Och an deem Punkt keng Nuance.

Den Drock op den irakesche Regime misst oprecht erhale ginn. Déi 15 Regierungen hunn hirer Iwwerzeegung Ausdrock ginn, dass deen amerikaneschen Opmarsch ronderëm den Irak eng essentiell Roll gespillt huet, fir dass d'Inspek-

teren erëm zréck an den Irak konnte goen. Keen huet dat net gesot.

Déi Aussoe sinn an engem Saz zesummegefuert ginn, dee wichteg ass, nämlech deen dass de Konflikt misst friddlech geléist ginn an dass den Asaz vu Gewalt, deen eleng vum Weltsécherheetsrot ze decidéiere wier, wat een unilateraalt Virgoen ausschléisst, nëmmen déi allerlescht Konfliktléisung kann duerstellen. An anere Wierder, dat wat den Europäesche Rot vu Bréissel festgeluecht huet, entsprécht exactement deem wat mer den 11. Februar als Lëtzebuerger Positioun an der Irakfro hei am Parlament matgedeelt hunn.

Déi Aussoen, déi Festleeungen, déi Orientéierung vum Europäesche Rot, déi bilden den europäesche Konsenssockel, op deem kann opgebaut ginn. Weder de Saddam Hussein, nach den amerikanesche President - ech wëll déi zwee net op deeselwechten Niveau setzen -, kënnen deen europäesche Konsenssockel un d'Wackele bréngen. Déi eenzeg, déi e kënnen auserneeerappen, dat sinn d'Europäer selwer. Et gehéiert zu de strukturelle Schwächte vun der gemeinsamer Ausse- a Sécherheetspolitik, dass déi zwee Memberstate vun der Europäescher Unioun, déi permanent Membere vum Weltsécherheetsrot sinn an do och iwwer e Vetorecht verfügen, et als eng Fro vun hirem Ermessen ëmfannen, wéi si an hirer Qualitéit als permanent Membere vum UN-Sécherheetsrot déi Bréisseler Décisiounen op sech selwer bezunn hunn an an deenen nächsten Deeg a Wochen interpretéieren.

Eng europäesch Aussepolitik, fir dass se effikass wier, fir dass se effizient wier, fir dass se op Dauer belaauschtbar wier, misst eng sinn, déi zur Konsequenz hätt, dass déi permanent an déi net permanent Membere vum Weltsécherheetsrot, komme se aus der Europäescher Unioun, keen ermiesene Spillraum hu fir europäesch Positiounen zu nationale Positiounen ze maachen, déi se am Weltsécherheetsrot géife virdroen. Do si mer nach net, do komme mer och esou bal nach net hin, mä d'Irakkris weist dass, wa mer eis net op dee Wee maachen, da geet d'Europäesch Unioun an der totaler internationaler Bedeitungslagegeheet ënner.

Well mer nach net mat enger Stëmm am UN-Sécherheetsrot schwätzen, a well mer och no dem europäesche Sommet nach net obligéiert sinn dat ze maachen, ass et natierlech och dozou komm, dass d'Spuenier an d'Engländer d'Amerikaner ënnerstëtzt hu bei hirem Versuch eng zweet UN-Resolutioun anzubréngen. Déi zweet UN-Reso-

lutioun ass eng déi d'Lëtzebuerger Regierung an hirer Opportunitéit ganz staark a Fro stellt, a wier d'Lëtzebuerger Regierung een net permanente Member vum UN-Sécherheetsrot, géife mer och géint déi Initiativ a géint déi Resolutioun, déi vun deenen dräi Regierungen abruecht ginn ass, stëmmen.

Mir sinn der Meinung, dass d'Inspektoren hir Missioun solle viru féieren. Mir sinn net der Meinung, dass d'Missioun vun den Inspektoren, déi Resultater weist, an déi ganz gutt Resultater géif weise wann den Irak géif voll kooperéieren, dass déi Missioun ofgebrach gëtt, mä mir sinn der Meinung dass déi Missioun méi Zäit a méi Mëttelen muss kréie fir zu engem Resultat ze féieren, well mer der Meinung sinn dass een dës Konflikt mat friddleche Mëttelen muss léisen, a well mer och der Meinung sinn dass een dës Konflikt mat friddleche Mëttelen ka léisen.

Et ass gesot gi vun den Europäer, de Krich wier déi allerleschte Méiglechkeet fir dee Konflikt hei ze bëendegen. Déi, déi vireileg nei Resolutiounen abréngen, ginn d'Impressioun, et wier deen nächste Schrëtt. Mir sinn der Meinung, dass tëschent der Inspektioun, wéi se elo fonctionnéiert, an dem Asaz vun deem allerleschte Mëttel, dem Krich, nach ee Schrëtt méi läit, an dat ass deen nächste Schrëtt. An deen nächste Schrëtt muss sinn, dass virugefuert gëtt, dee Konflikt mat friddleche Mëttelen ze léisen. Dofir si mer der Meinung, dass déi Inspektiounen mussen virgoen, wéi mer dat hei an der Chamber an zu Bréissel gesot hunn. D'Ressourcen an déi technesch Equipementer vun den Inspektoren mussen vergréissert ginn.

Et ass keng Ursach do fir mar mam Irakkrieg unzefänken. A wann et eng Kéier esou eng Ursach sollt ginn, well sech eendeiteg erweisen huet, dass den irakesche Regime net kooperéiert, dann ass et um Weltsécherheetsrot fir déi Décisioun ze huelen. Keng Regierung vun der Welt huet d'Recht en unilaterale Schlag lassgeléist vun der UNO-Disziplin op den Irak ze féieren.

Merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. D'Madame Ausseministerin Lydie Polfer freet nach d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister huet d'Schlussfolgerung vum Europäesche Conseil explizéiert, kloer duergeluecht a kloer gewisen, dass Lëtzebuerg sech ganz an deenen Elementer erëmmen. Eis Positioun war konstant an ëmmer fir all diplomatesch Mëttelen ze gebrauchen, fir déi Kris am

Irak ze léisen, den Irak ze entwaffnen an d'Gefor, déi doduerch vum Saddam Hussein sengem Regime ausgeet op seng eege Leit, op d'Regioun an op eis, ze briechen. Dat war eis Politik, déi ech hei vun dëser Chamber explizéiert hunn den 10. Oktober, den 30. Januar, an datselwecht huet de Statsminister de leschten 11. Februar hei erkläert.

Mir hunn als Lëtzebuerger Regierung alles gemaach wat an eise Méiglechkeete war an der Europäescher Unioun, an der NATO an an der UNO, fir dass déi Stëmm vun den diplomateschen a friddleche Mëttelen gehéiert, jo verstärkt gëtt. Ech wëll drun erënneren, dass d'Situatioun am September d'lescht Joer nach ganz anescht war. Ech hat d'Geleeënheet dat hei och schonn ze erklären.

Ech sinn a menger Ried an der Assemblée vun der UNO, zesumme mat deenen aneren Europäer, dee Moment, dat war Mëtt September, dofir agetrueden, dass den Débat iwwert d'Kris am Irak keng unilaterale Weeër soll goen, mä dass dës Diskussioun an der UNO soll stattfannen. A wéi ech de 4. Oktober de State Secretary Powell gesinn hunn, war eist Uleies, dass eng Resolutioun an der UNO soll den Drock op den Irak stäerken, am Kader vun dem Sécherheetsrot vun der UNO. Dass d'Resolutioun 1441 dunn an der Eestëmmegkeet ugeholl ginn ass den 8. November, war eppes wat mer eis e puer Woche virdrun nach net onbedéngt erhofft haten. Et war weinst der Saach richtig, mä och fir eis mëttel- a laangfristeg Objektiv absolut néideg, dass dës Kris am Irak an deene multilaterale Forume behandelt gëtt, wou Regeln a Prozeduren do si fir eis ze lenken a fir grouss a kleng Staten zesummen un den Dësch ze bréngen, fir wichteg international Froen ze klären.

Dat ass d'Method, déi och d'Basis ass vun eisem Handeln an der Europäescher Unioun, an dofir muss mer net ëmmer enger Meinung sinn, mä mir müssen de Familljesënn, deen eis zesummen hält, gebrauchen, fir ëmmer erëm Weeër ze fanne fir nees Gemeinsames festzustellen. An dat hu mer och an deem leschte Mount e puermol fäerdeg bruecht, sief et de 27. Januar um Niveau vun den Ausseministeren, oder, wéi gesot, nach eng Kéier um Conseil Européen vum 17. Februar. An och dës Méindeg, elo virun zwee Deeg, hate mer nach eng Kéier - déi 15 Ausseminister - de Point gemaach iwwer eist Virgoen op der Basis vun de Schlussfolgerungen vum leschte 17. Februar. Mir hunn dës Diskussiounen deelweis zesumme mam Generalsekretär a mat der aktueller libanesescher Presidentschaft vun der Arabescher Liga geféiert. Well et läit jo den Europäer speziell drun, fir dës Kris am Irak och an hirem regionalen Zesammenhank ze gesinn. Do-